



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am internationalen, öffentleche Recht gëtt et eng Rei vu Konventiounen, déi Droge betreffen an an deenen de Cannabis och explizit genannt a verbuede gëtt. Am Kader vun der UNO z.B. zielen zu deene wichtigste Rechtsinstrumenter an dësem Beräich d'Drogekonventioun vun 1961 (esou wéi 1972 ofgeännert), d'Konventioun iwwert psychotrop Substanze vun 1971 an d'Konventioun géint den illegalen Handel mat esou Substanze vun 1988.


Well d'Regierung jo wëll de Cannabis als sougenannte „Genossmëttel“ legaliséieren, stelle sech Froe mat der Konformitéit vun eisem Land zu sengen internationalen Obligatiounen. An deem Kontext wollt ech dem Här Bausseminister an dem Här Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1. A wéi wäit géing eng Legaliséierung vum Konsum, vum Verkaf, vun der Kultur, vum Handel, asw, mat Cannabis a séngen derivéierte Produkter zu sougenannte „rekreativen Zwecker“ eist Land an Net-Konformitéit mat internationale Verflüchtungen setzen? Wéi eng Traitéen oder aner Rechtsinstrumenter wäere genee betraff?
2. Missten dës international Traitéen net fir t'éischt denoncéiert ginn, ier Lëtzebuerg seng national Legislatioun géing änneren? Plangt d'Regierung, vun deene betraffene Rechtsinstrumenter zrëck ze trieden ier eis national Legislatioun soll geännert gi fir eng Kohärenz am Rechtskierper ze erhalen?
3. Wéi gesäit d'Regierung d'Diskussioun ronderëm d'Primautéit vum internationalen Droit an déi konstitutionell Implikatiounen vun enger Net-Konformitéit vum nationale Recht mat internationalen Traitéën? Wéi eng Implikatiounen hätt esou eng

Entwécklung op eventuell weider Beräicher, an deene sech Kontradictiounen tëschent internationalen an nationale legalen Dispositiounen géinge weisen?

4. Ass et opportun, datt e Land wéi Lëtzebuerg, dat bis elo ëmmer fir de Respekt vum internationalen ëffentleche Recht plädéiert huet, elo eng „Virreiderroll“ spillt, wann aus ideologesche Grënn dat internationaalt Recht soll gebrach ginn?
5. Wéi wierkt sech d'Positioun vun der Regierung an der Fro vum sougenannte „rekreative“ Cannabis op d'Relatiounen mat eisen Nopeschlänner aus? Wat ass virgesinn, fir d'Bedenke vun eisen Nopeschlänner ze zerstreën?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten